



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Sécurité intérieure

A  
Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
p.a. Service Central de Législation

REÇU  
Par Alf Christian , 12:19, 17/03/2021

Luxembourg, le **17 MARS 2021**

**Objet : Question parlementaire n°3652 du 16 février 2021 de Monsieur le Député Marc Goergen  
concernant « Photos prises par les radars feu rouge »**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,



Henri KOX

**Gemeinsam Äntwert vum Här Henri KOX, Minister fir bannenzeg Sécherheet, a vum Här François BAUSCH, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op parlamentaresch Fro n° 3652 vum 16. Februar 2021 vum honorabelen Deputéierte Marc GOERGEN iwwert " D'Fotoen vun de Luuchte-Radar "**

*Ad Fro 1 an 2*

*1. Ass virgesinn op der Stäreplaz (an och op allen aneren zukünftege Plazen, wou Luuchte-Radaren installéiert ginn) een oder e puer Schëlde opzeiichten, fir d'Foussgänger iwwert d'Präsenz vum Radar an d'eventuell Späicherung vun hiren Daten ze informéieren?*

*Falls jo, ginn op dësem Schëld all d'Informatiounen festgehalen, déi laut Artikel 12§1 vum Gesetz vum 2018 mussen zougänglech sinn, dorënner d'Kontaktinformatiounen vum Responsable du traitement a vum DPO? Falls nee, wéi eng Grënn gëtt et laut der Police grad-ducale, fir dësen Artikel net ze applizéieren, baséierend op de Méiglechkeeten déi am §3 vum Artikel 12 genannt ginn?*

*2. Wëssend, dass de Radar scho säit dem Ufank vun der Testphas am Oktober Fotoe vu Foussgänger kéint gemaach hunn, ass op der Stäreplaz schonn eng deemtspriechend Beschëlde opgestallt ginn?*

*Wann jo, wéi vill Schëlde goufen opgestallt a wat fir Informatiounen sinn op hinne festgehalen?*

*Wann nee, firwat net?*

*Falls eng Beschëlde an Zukunft virgesinn ass, wéi gesäit dës dann aus a wéini soll se opgestallt ginn?*

*Falls keng Beschëlde virgesinn ass, wéi begrënnt de Minister dës Entscheedung?*

D'Dateschutzgesetz vum 2018 gesäit net vir wou genee dës Informatiounen mussen gedeelt ginn. Di gefrotene Informatiounen sinn zum Beispill um Internetsite vun der Police ëffentlech zougänglech. Ob der Stäreplaz sinn am ganzen 4 Schëlde um Boulevard de la Foire opgeriicht, déi den Automobilisten de Radar annonciéieren. Heibäi handelt et sech ëm adaptéiert Schëlde, änlech wéi déi bei deenen anere fixe Radaren. Eng zousätzlech Beschëlde fir den Foussgänger de Radar ze annonciéieren ass net virgesinn. Et ass esou dass den Artikel 11§1 vum nämmeleche Gesetz präziséiert dass "mesures raisonnables" mussen geholl ginn fir di Informatiounen di am Artikel 12 virgesinn sinn zur Verfügung ze stellen.

An dësem Kontext ass och net ze vergiessen dass et sech beim Luuchte Radar net ëm eng permanent Video Iwwerwaachung handelt wou ëmmer alles iwwer jiddereen ofgespäichert gëtt, mee ëm e System deen spezifesche Infraktiounen dokumentéiert, esou wéi am legale Kader virgesinn.